# ELO ASS DE MOMENT,

## FIR ÄR KARRIÄR BEI DER PENSIOUNS-VERSÉCHERUNG ZE COMPLETÉIEREN!



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

m3s.gouvernement.lu

# ELO ASS DE MOMENT,

## FIR ÄR KARRIÄR BEI DER PENSIOUNS-VERSÉCHERUNG ZE COMPLETÉIEREN!


**WEIDER- | FAKULTATIV** VERSÉCHERUNG — 4

**ZOUSAZVERSÉCHERUNG** — 6

**NOKAF** — 8

**ZERÉCKBEZUELEN** — 10

**SCHEEDUNG** — 11


## Denkt un Är Pensioun, AB ELO !

Am Laf vum Liewe kann et geschéien, datt Dir Är beruflech Aktivitéit fir eng gewëssen Zäit reduzéiert oder ënnerbriecht, zum Beispill fir e Kand grousszezéien, eng perséinlech Situatioun ze meeschteren oder wéinst engem Beruffswiessel.

Fir dass dës aussergewéinlech Zäiten Är Pensiounsrechter net beaflossen, ass et wichteg, d'Reegele fir d'Berechnung vun dëse Rechter am Viraus ze kennen an ze verstoen, souwéi sech z'informéieren, fir se eventuell kënnen ze komplettéieren.

An dësem Zesummenhang ginn et Léisungen, déi Iech erlaben, elo op fräiwëlleger Basis ze handelen an Är Pensiounsversécherung ze erweideren. Dës Moossname maachen et méiglech, onvollstänneg Beruffszäiten auszegläichen, fir Är zukünfteg Rechter ze stäerken.

Zënter der Scheedungsreform vun 2018 erméiglecht eng zousätzlech Moossnam Persounen, déi sech op der Basis vum Zerrüttungsprinzip scheede loossen, an déi wärend hirem Bestietnes hir beruflech Aktivitéit reduzéiert oder ganz opginn haten, Pensiounsversécherungsperioden nozekafen.

Dës Broschür stellt Iech déi verschidden Optioune vir, fir datt Dir informéiert Entscheedungen huele kënnt – souwuel fir Är aktuell Situatioun wéi och fir Är zukünfteg Besoinen.


LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

## Dir gitt Är beruffl ech Aktivitéit op, wëllt awer weider pensiounsverséchert bleiwen?

Jee no Situatioun hutt Dir 2 verschidde Méiglechkeeten:

**1**

### D'Weiderverséchering an der Pensiounskeess

D'Zil vun der Weiderverséchering besteet doran, Är Verséchérungskarriär net ze ënnerbriechen, wann Dir mat Schaffen ophaalt.

### Wéi eng Bedéngunge musst Dir erfëllen?

Dir musst 12 Méint obligatoresch Affiliatioun wärend de 36 Méint virun deem Zäitpunkt, wou Dir de Status vun engem obligatoresch Verséchérte verléiert, noweise kënnen an Är Demande bannent 6 Méint areechen.

**2**

### D'fakultativ Verséchérung

Dir hutt Är beruffl ech Aktivitéit aus familiäre Grënn opginn, an den Delai fir d'Weiderverséchérung ass ofgelaf.

### Wéi eng Bedéngunge musst Dir erfëllen?

12 Méint obligatoresch Affiliatioun noweise kënnen.

De Beruff aus familiäre Grënn opginn hunn:

- Bestietnes / Partenariat,
- oder Erzéiung vun engem
- mannerjärege Kand,
- oder Zäitraum fir d'Ënnerstëtzung oder d'Fleeg vun enger Persoun, déi als fleegebedürfteg unerkannt ass.

Weeder méi al wéi 65 Joer sinn nach Usproch op eng perséinlech Pensioun hunn.

E favorabelen Avis vum *Contrôle médical de la Sécurité sociale* kréien.

***Wat musst Dir maachen?***

Luet den entspriechende Formulaire um Site:
**ccss.public.lu/de/formulaires**

Schéckt dann Är ausgefëllten Demande u folgend Adress: Centre commun de la sécurité sociale (CCSS)

Postadress:
L-2975 Luxemburg

Guicheten:
4, rue Mercier | L-2144 Luxemburg
Méindes bis Freides vun 8:00 bis 16:00 Auer - Nëmmen op RDV
Tél. : +352 40141-1
**ccss.public.lu/de/support/contact**





# ZOUSAZVERSÉCHERUNG

## Dir hutt Är beruflech Aktivitéit reduzéiert a wëllt Är Affiliatioun bei der Pensiounsversécherung completéieren?

Mat enger Zousazversécherung kënnt Dir d'Cotisatiounen, déi Dir an d'obligatoresch Pensiounsversécherung abezuelt, completéieren.

### Wéi eng Bedéngunge musst Dir erfëllen?

Dir musst 12 Méint obligatoresch Affiliatioun wärend de 36 Méint virun Ärer Demande noweise kënnen.

**_Wat musst Dir maachen?_**

Luet den entspriechende Formulaire um Site:
**ccss.public.lu/de/formulaires**

Schéckt dann Är ausgefëllten Demande u folgend Adress: Centre commun de la sécurité sociale (CCSS)

Postadress:
L-2975 Luxemburg

Guicheten:
4, rue Mercier | L-2144 Luxemburg
Méindes bis Freides vun 8:00 bis 16:00 Auer - Nëmmen op RDV
Tél. : +352 40141-1
**ccss.public.lu/de/support/contact**

### Wéi héich sinn Är Mensualitéite fir eng Weiderversécherung, eng fakultativ Versécherung oder eng Zousazversécherung?

Dir kënnt tëschent 5 Optioune fir d'Bemiessungsgrondlag vun Äre Cotisatioune wielen:

1. En Drëttel vum soziale Mindestloun, fir e maximalen Zäitraum vu 60 Méint.
2. De soziale Mindestloun.
3. Zwee Mol de soziale Mindestloun.
4. Äre perséinleche Plaffong, dee vum *Centre commun de la sécurité sociale* (CCSS) ausgerechent gëtt. Dobäi gëtt sech op d'Moyenne vun Äre 5 héchste Joresgehälter aus Ärer Versécherungskarriär baséiert.
5. E Betrag, deen Dir selwer wielt an deen tëschent dem soziale Mindestloun an Ärem perséinleche Plaffong läit.

Är Cotisatioune pro Mount leie bei 16 % vun der Optioun, déi Dir gewielt hutt.

Am Prinzip kënnen all d'Cotisatiounen, déi an d'Pensiounsversécherung abezuelt ginn, steierlech ofgesat ginn.

# Dir hutt an der Vergaangenheet Är beruflech Aktivitéit aus familiäre Grënn reduzéiert oder opginn?

Dir wëllt réckwierkend Pensiounsversécherungsperioden ofdecken an dës als Versécherungs- a Stageperioden ugerechent kréien, déi fir eng Altersversécherung am Alter vu 65 Joer oder eng fréizäiteg Altersversécherung am Alter vu 60 Joer noutwenneg sinn.

## Wéi eng Bedéngunge musst Dir erfëllen?

12 Méint obligatoresch Versécherung noweise kënnen.

Weeder méi al ewéi 65 Joer sinn nach Usproch op eng perséinlech Pensioun hunn.

D'Period, déi Dir nokafe wëllt, muss no Ärem 18. Liewensjoer leien a folgend Zäitraim ofdecken:

- Bestietnes / Partenariat,
- Erzéiung vun engem mannerjärege Kand,
- Ënnerstëtzung oder Fleeg vun enger Persoun, déi als fleegebedürfteg oder schwéier handicapéiert zu Lëtzebuerg unerkannt ass.

## Wéi héich wäert Ären Nokaf ausfalen?

Dir bestëmmt d'Méint, déi Dir nokafe wëllt, a leet d'Grondlag fir d'Berechnung vun de Cotisatioune fest. Dës Grondlag kann entweeder de soziale Mindestloun oder dat 1,5 Mol, 2 Mol oder 2,5 Mol de soziale Mindestloun sinn.

D'Cotisatiounen, déi ze bezuele sinn, belafe sech op 16 % vun der Grondlag, déi Dir gewielt hutt. Dëse Betrag gëtt ëm 4 % Zënse pro Joer erhéicht. Den Nokaf kann a maximal 5 Annuitéite bezuelt ginn.

Am Prinzip kënnen all d'Cotisatiounen, déi an d'Pensiounsversécherung abezuelt ginn, steierlech ofgesat ginn.

**Et ass ze bemierken datt fir déi selwecht Zäit just ee réckwierkende Kaf ugeholl gëtt.**

### Wat musst Dir maachen?

Luet den entspriechende Formulaire um Site:
**cnap.public.lu/de/documentation/formulaires.html**

Schéckt dann Är ausgefëllten Demande un déi Pensiounsariichtung, bei där Dir fir d'leschte cotiséiert hutt:

### Allgemenge Regime

National Pensiounskeess (CNAP)

Postadress:
L-2096 Luxemburg

Guicheten:
30-40, avenue de la Porte-Neuve |
L-2227 Luxemburg
Tél. : +352 22 41 41 - 6500 | **cnap.lu**

### Speziell Regimmer

**> Fir d'Staatsbeamten:**
Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État
BP 1204 | L-1012 Luxemburg
Tél. : +352 247- 83 200
**fonction-publique.lu**

**> Fir d'CFL-Agenten:**
CFL - Services des pensions
36, Place de la Gare | L-1616 Luxemburg
Tél. : +352 2489 - 4984 | **cfl.lu**

**> Fir d'Gemengebeamten oder -employéen:**
Caisse de prévoyance des fonctionnaires et employés communaux

20, av. Emile Reuter | L-2420 Luxemburg
Tél. : +352 45 02 01-1 | **cpfec.lu**

**> Fir d'Agente vun der BCL:**
Banque centrale du Luxembourg
2, boulevard Royal | L-2983 Luxemburg
Tél. : +352 47 74-1 | **bcl.lu**



# ZERÉCKBEZUELEN

## Dir hutt Iech virun 1991 Cotisatioune rembourséiere gelooss a wëllt dës Perioden nees nei abezuelen?

### Wéi eng Bedéngunge musst Dir erfëllen?

Dir dierft weeder méi al ewéi 65 Joer sinn nach Usproch op eng perséinlech Pensioun hunn.

***Wat musst Dir maachen?***

Luet den entspriechende Formulaire um Site:
**cnap.lu**

Schéckt dann Är ausgefëllten Demande un d'CNAP.

### Wéi héich wäert Äre Remboursement ausfalen?

Zeréckzebezuelen ass d'Zomm vun deene rembourséierte Cotisatiounen, plus 4 % Zënse pro Joer vum éischte Joer nom Remboursement un.

Am Prinzip kënnen all d'Cotisatiounen, déi an d'Pensiounsversécherung abezuelt ginn, steierlech ofgesat ginn.



## Dir hutt wärend Ärem Bestietnes Är beruflech Aktivitéit reduzéiert oder opginn a gitt op der Basis vum Zerrüttungsprinzip gescheet?

Den 01.11.2018 gouf eng nei Moossnam agefouert, déi et erméiglecht, Pensiounsversécherungsperioden nozekafen.

### Wéi eng Bedéngunge musst Dir erfëllen?

- Är beruflech Aktivitéit wärend Ärem Bestietnes reduzéiert oder opginn hunn.
- Weeder méi al ewéi 65 Joer sinn nach Usproch op eng perséinlech Pensioun hunn.

***Wat musst Dir maachen?***

Am Laf vun der Scheedungsprozedur reecht Ären Affekot eng Demande fir d'Berechnung vum Referenzbetrag beim Geriicht an.

### Wéi héich wäert Ären Nokaf ausfalen?

De Betrag vun Ärem Nokaf baséiert um Referenzbetrag, d. h. der Differenz tëschent de jeeweilege Verdéngschter vun de Conjointë wärend deem Zäitraum, wou Dir Är beruflech Aktivitéit reduzéiert oder opginn hat. D'Geriicht, dat mat dëser Berechnung befaasst gëtt, leet d'Verdéngschter an d'Perioden, déi ze berücksichtege sinn, fest.

De Paiement erfollegt am Kader vun der Liquidatioun an der Opdeelung vum verfügbare gemeinsamen oder ongedeelte Verméigen.



# SCHEEDUNG



**Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet**

1, rue Charles Darwin | L-1433 Luxemburg
Tél. : +352 247-85 500
**m3s.gouvernement.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

An Zesummenaarbecht mat:

**Conseil national des femmes de Luxembourg**

11 A, boulevard Joseph II
L-1840 Luxemburg
Tél. : +352 29 65 25 - 1
**cnfl.lu**

CONSEIL NATIONAL
DES FEMMES DU LUXEMBOURG

CCSS
Centre commun de
la sécurité sociale

cnap.lu
d'Pensiounskeess

LUXEMBOURG
LET'S MAKE IT HAPPEN